

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Justiz & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°3813 wollt ech op d'Situatioun vun Déierenhaler um soziale Wunnmarché opmierksam maachen, wou d'Lag oft esou ass, dass Locataire vu Sozialwunnenge kënne verbuede kréien, een Hausdéier an dëser Wunneng ze halen.

Esou wéi verschidde Leit mir et zougedroen hunn, geschitt dëst awer och um private Wunnmarché. Bei enger Locatioun zum Beispill, kann de Proprietär d'Hale vun engem Hausdéier a senger Wunneng am Mietkontrakt explizitt verbidden.

Wann ee Proprietär vu senger eegener Wunneng ass, ass d'Saach méi einfach, virausgesat, et wunnt een net an enger Residence, déi eng Copropriétéit vu verschiddene Leit ass, well och hei kann d'Assemblée vun dëser Residence d'Hale vun Hausdéieren an de Gemeinschaftsraum (parties communes) verbidden. Dëst Verbuet beschränkt sech allerdéngs op d'Gemeinschaftsraum. Am Privatraum vum Proprietär kann de Proprietär u sech een Hausdéier halen, virausgesat, dass d'Déier kee Kaméidi oder Knascht mécht an déi aner Bewunner stéiert.

Feststellen ass, dass d'Situatioun fir vill Déierenhaler hei am Land net ëmmer kloer ass an a ville Situatiounen oft zum Nodeel vum Hausdéier entscheet gëtt. A verschiddene Fäll ass et souguer virkomm, dass Persounen mat Assistenzhënn virun de Choix komm sinn, hiren Hond, op Drock vun der Assemblée des Propriétaires, mussen ewechzeginn oder aus der Residence ze plënnere.

Grad an Zäite vu Wunnengsnout dierft et net sinn, dass Persounen an hier Hausdéiere wéinst Diskriminéierung a Stereotype vis-à-vis vun den Déiere keng Wunneng hei am Land kréien.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Kenntnis dovunner, dass Déierenhaler um Wunnengsmarché



diskriminéiert ginn?

2. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuelen, dass Leit mat Hausdéieren um Wunnmarché besser geschützt ginn, zum Beispill, andeems d'Vertragsklausel mam Déiereverbuert an Zukunft ongeltend gemaach ginn? Wéi eng Pisten wäert d'Regierung hei aschloen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

